



Lëtzebuerg, den 09/05/2020

## Communiqué

**D'Deputéierte vun de Piraten, Marc Goergen a Sven Clement, hu fir den Europadag den 9te Mee, zesumme mam Réimecher Piraten-Gemengeconseiller, Daniel Frères, een Zeeche gesat, fir een Europa vun den oppene Grenzen.**

Viru genee 75 Joer huet Nazi-Däitschland offiziell kapituléiert. Zanterdeem, liewe mir zu Lëtzebuerg dank der europäescher Konstruktioun a Fridden a Wuelstand. Fir een Zeechen am Sënn vum europäesche Friddensprojet an oppene Grenzen ze setzen, hunn d'Piraten sech op de Brécken zu Réimech an zu Schengen afonnt. Mat dëser Aktioun wëllen si d'Wichtigkeet vun engem geeenten Europa ënnersträichen.

Den Daniel Frères huet dobäi betount: "Mir wëllen erëm eist Europa vun den oppene Grenzen zeréck, wou gemeinsam no Léisungengesicht gëtt. Grad an dësem Moment gesi mer: Lëtzebuerg brauch een Europa vun den oppene Grenzen, sos si mer isoléiert! Et dierf net sinn, dass d'Bierger an der Groussregioun vunenee getrennt sinn!"



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)